



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick  
Tel: 247 85512  
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

REÇU  
Par Alf Christian, 15:25, 20/11/2020

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 20 novembre 2020

Réf. : 835x23a65

**Concerne:** Question parlementaire n° 3005 du 19 octobre 2020 de Messieurs les Députés Jeff Engelen et Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3005 du 19 octobre 2020 de Messieurs les Députés Jeff Engelen et Fernand Kartheiser concernant « Classement des femmes enceintes comme personne vulnérable dans le cadre de la pandémie de la Covid-19 ».

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



Paulette LENERT  
Ministre de la Santé





**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3005 du 19 octobre 2020 de Messieurs les Députés Jeff Engelen et Fernand Kartheiser concernant « Classement des femmes enceintes comme personne vulnérable dans le cadre de la pandémie de la Covid-19 ».**

1. Ass d'Madamm Gesondheetsminister der Meenung, datt esou eng Recommandatioun ouni Obligatioun duergeet, fir eng Fra an aneren Ëmstänn an hiert Kand ze protegéieren?

D'Recommandatiounen, déi de Conseil supérieur des maladies infectieuses ausschafft, sinn effektiv « just » Recommandatiounen a stelle keng legal Obligatioun duer.

D'Arbechtsdokteren, deenen hir Missioun virun allem doran besteet, de Salarié sou gutt wéi méiglech op senger Aarbechtsplaz ze schützen, si gehalen an den Avisen déi si ausstellen, dëse Recommandatiounen Rechnung ze droen.

Op Ufro vum Employeur an/oder vum Salarié deen enger Kategorie vu vulnérabele Persounen zougeuerdent ka ginn, kann den Aarbechtsdokter eng Evaluatioun vum Aarbechtsëmfeld vum Salarié maachen a kucken, ob hien engem eventuelle Risk ausgesat ass oder net. Dobäi gëtt berücksichtegt, ob d'Aarbechtsëmfeld d'Anhale vun der Distanciation sociale erlaabt. Wann dat net méiglech ass, muss d'Aarbechtsëmfeld aneschters organiséiert ginn (z.B. e Plexiglas fir déi schwanger Fra manner engem Risk aussetzen, déi Fra an en anere Büro ze setzen, wou manner Leit zirkuléieren asw.)

2. Kéinten d'Patronen net eng staatlech Hëllef kréien, fir z.B. d'Raimlechkeeten ze adaptéieren, fir Fraen an aneren Ëmstänn eng sécher Aarbechtsplaz ze garantéieren?

De Code du Travail gesäit schonn e spezifesche Schutz fir schwanger Frae vir. Wann et effektiv net méiglech ass, den Aarbechtsposten esou z'aménagéieren, datt déi schwanger Fra engem manner grouse Risiko ausgesat ass a wa keen aneren Aarbechtsposten zur Verfügung steet, kann den Aarbechtsdokter effektiv décidéieren, fir der schwanger Fra eng Dispense de travail auszustellen. Et si keng staatlech Hëllef virgesinn fir d'Patronen an der Reorganisatioun vum Aarbechtsëmfeld z'ënnerstëtzen.

3. Können d'Patronen - an deene Secteure wou et méiglech ass - net encouragéiert ginn, fir de Fraen an aneren Ëmstänn Heemaarbecht (télétravail) ze erlaben ?

D'Arbechtsdokteren encouragéiere generell den Télétravail fir déi vulnérabel Persounen souwäit hir Aarbechtstâche dat och erlaabt.

4. Wann eng « grossesse à risque », wat jo d'Fra nach eemol méi vulnerabel mécht, och um psychesche Plang, vum Gynekolog diagnostizéiert gëtt, huet d'Fra dann an der COVID-Period Recht op eng Dispens vun der Aarbecht ?

De Code du travail gesäit eng ganz Rëtsch Aarbechte vir, déi als geféierlech fir d'Gesondheet an d'Sécherheet vu schwangere Fraen oder nach vu Fraen, déi niren, gëllen a wou den Employeur gehalen ass, aner Dispositiounen fir déi concernéiert Fraen en place ze setzen. Dorënner falen e.a. Aarbechten bei deenen d'Fraen sech engem biologeschen oder chemeschen Risk aussetzen.



Wann d'Reorganisatioun vum Aarbechtsposten technesch net machbar ass, muss déi schwanger Fra engem aneren Aarbechtsposten zougedeeft ginn wou si z.B. manner Kontakt mat Leit huet a soumat engem manner grouse Risiko ausgesat ass. Wann dat net méiglech ass, kann den Aarbechtsposten eng Dispense ausschreiwen.

5. Ass d'Madamm Gesondheitsminister sech bewusst, datt net all Fra eng Aarbechtsplaz huet, wou se sech esou flexibel ariichte kann ?

D'Recommandatioun datt vulnérabel Persounen hir Akeef ausserhalb vun den Auerzäiten maachen wou déi gréissten Affluenz an de Butteker ass, ass als Beispill genannt ginn an dem Artikel wourop sech bezu gëtt. Aner Méiglechkeete kéinten z.B. sinn seng Akeef gréisstendeels online ze maachen, Tâchen wou eng Distanz vu mindestens 2 Meter net agehale ka ginn, ze delegéieren asw.

Am Fall wou eng schwanger Fra estiméiert datt hire Patron net déi néideg Précautiounen hëlt, ass et hir ëmmer méiglech Récksprooch mat hirem Aarbechtsposten ze huelen.

6. Wéi e rechtlechen an eventuell finanzielle Kader gëtt et, fir d'Aarbechtszäite vun de Fraen, déi erwaarden, a COVIDs-Zäite kënne méi flexibel ze gestalten?

D'Bestëmmungen vum Code du travail déi et erméiglechen d'Aarbechtszäite méi flexibel ze gestalten kënnen fir all Salarie applizéiert ginn.

Och gëtt den Télétravail generell encouragéiert souwäit d'Aarbecht dat och erlaabt.